Lacroix - sur - meuse

Samschdes den 13. Mee stoung Lacroix sur meuse um Programm vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg, dës Sortie fënnt scho säit puer Joer ëmmer am Mee statt an ass net méi aus eisem Programm ewech ze denken, hunn mir dach nach all Kéier op dëser Plaz vill a schéi Fësch gefaangen. Dass dat esou ass hänkt mat Sécherheet domadder zesummen dass de Weier an enger Piscicultur läit an domadder och ëmmer beschtens mat Forelle besat ass. Dëst ass mat Sécherheet net Jiddwerengem säi Goût mee et muss een awer bedenken dass och op allen anere Sitte wou mir zesumme fëschen ee gudde Bestand ouni Besaatzmoosnamen net méiglech wär an ze guer an eise Flëss kann een op déi besote Besaatzmoosnamen net méi verzichten. Ewéi ëmmer huet eisen éischte

Wee eis bei de Bruno, dem Bedreiwer vum Site, gefouert wou mir bei enger Taass Kaffi déi éischten Neiegkeete gewuer gi si wat d´Fëscherei betrëfft. De Bruno wousst eis ze verzielen dass vill Hiechten a sengem Weier wären an dass mir Dës, sollte mir Ee fänken, onbedéngt eraushuele sollten ewell Hien se net méi géif meeschter ginn. Obschonn ech ze guer eng Hiechtenstaang montéiert hat, konnt ech awer keen Hiecht fänke wat awer och deem schmeiere Wieder gescholt war, ewell Moies war et dréckend waarm wat natierlech bewierkt huet dass Mëttes ee Wieder erof gaangen ass. Eng zweet Plo waren déi vill Pijen déi een op dëser Plaz virfënnt an ech muss soën dass mir dat zwar net als Plo empfonnt hunn mee et sinn awer terribel vill Pigen am Weier dran a wann ee mat bestëmmte Mécke gefëscht huet dann hat ee bal bei all Aworf eng kléng Pij drun wat deenen Enge gutt gefall huet wat awer och verschidden aner Fëscher zimlech genervt huet. Mee et sinn awer och de ganzen Dag iwwer vill a schéi Forelle gefaange ginn déi sech zu deem och nach gutt gewiert hunn an eis dommadder den ganzen Dag iwwer op Trapp gehalen hunn.

Deen Éischten deen eis Moies iwwert de Wee gelaf war, war de Marc. Hien huet eméi ëmmer mat der dréchener Méck gefëscht an hat schonn ee puer gutt Forellen op d´Schuppe geluecht och wann Hien sech seng Plaz fir ze fëschen net gutt eraus gesicht hat, Hien stoung nämlech an direkter Noperschaft

zu de Beiestäck déi neierdéngs op dëser Plaz stinn an och wann d´Hunnegbeien net aggressiv si kënne Sie natierlech och picke wat ech selwer hunn misse schmerzlech erfueren. Och de Patrick huet natierlech mat der dréchener Méck gefëscht, ewéi ëmmer, och Hien ass een iwwerzeegte Vertrieder vun dëser Aart a Weis fir mat der Méck ze fëschen, woubäi Dëst och nach den Ursprong vum Méckefëschen duerstellt an zu bestëmmte Momenter am Joer ewéi der Meeméckenzäit, och nach vill Erfolleg versprécht. Dat ass och zum gréissten Deel d´Faszinatioun déi d´Méckenfëschen ausmécht, bei dëser Method fir ze fësche ka bal Jiddereen sech erëm fannen, déi Eng fësche léiwer op der Uewerfläch vum Waasser mat dréche Mécke woubäi déi aner et méi spannend fanne mat Nymphen oder Streamer ënner Waasser ze fëschen, och kann een heibäi nach op verschidde Schnéier zeréck gräifen déi et engem erméiglechen Déift eraus ze fanne wou d´Fësch stinn. Och bei de Mécke selwer ginn et onheemlech vill Variante fir Insekten oder kléng Fësch ze imitéieren.

Mëttes ass et Abee mol ganz däischter ginn den Himmel war ganz schwaarz ginn an dat derzou gehéiereg Donnerwieder huet net laang op sech waarde gelooss. Fir ee kuerze Moment war et net méi méiglech fir ze fëschen zemools wann ee weess dass et ganz geféierlech ass mat Carbonsstaangen am Donnerwieder ze fëschen ewell de Blëtz an Dës aschloe kann. Séier hunn déi meeschte Fëscher sech ënner Dach gemaach mee et sinn awer och Fëscher bei ons am Club deenen de Reen näischt ausmécht an esoubal et net méi geblëtzt huet stounge Sie schonn erëm beim Waasser, déi Eng mat Reen - jacketten an déi aner ouni Dës och wann et natierlech nach eng Zäitche weider gereent huet. Donnerwieder war awer eng wëll - kommen Ofkillung ewell duerno war et bedeitend méi angenehm ze fëschen an et sollten eis och nach ee puer schéi Fësch vergonnt sinn.

Dat schlecht Wieder hat awer och mat sech bruecht dass ee puer Fëscher dem Wieder net méi zougetraut hunn dass et erëm kéint besser ginn an sech duerfir schonn op den Heemwee gemaach hunn. D´Wieder hat sech awer erëm séier erholl an esou hate mir nach ee puer schéi Stonne beim Waasser éiert mir eis Owes géint siwen Auer och op den Heemwee, deen un sech annerhallef Stonn dauert, gemaach hunn

SIMMS

SIMMS
FISHING PRODUCTS